

Julie Bellinkx
Melanie Louwerens

Dëst ass eng Publikatioun vun der AMBER Alert Europe Foundation.

# DEN HUES HÉIERT ET GROMMELEN

Eng Geschicht doriwwer, op säi Bauchgefill ze lauschteren an op sech opzepassen

# Colophon

Copyright © 2023 AMBER Alert Europe Foundation

www.amberalert.eu

Autorin: Julie Bellinkx

Illustratiounen a Layout: Melanie Louwerens

E besonnesche Merci gëllt folgende Persounen: Dr. Evelien Speel-Flierman (Kanner- a Jugendpsychologin NIP, GSZ Psychologin BIG), Kirsten van den Berg (Verhalensfuerscherin), Mariska Custers (Psychologin), Nele Geerts (Illustratrice), Carlo Schippers (fréieren Expert fir Vermësstefäll, hollännesch Police), Dr. Arine Vlieger (Kannerdoktesch)

Keen Deel vun dëser Publikatioun dierf reproduzéiert, an engem Ofruffsystem gespäichert, oder a soss enger Form weiderverbreet ginn, sief et op elektroneschem oder mechaneschem Wee, duerch eng Opnam oder Fotokopie oder soss eng Manéier, ouni den Accord vum Editeur.

# DEN HUES HÉIERT ET GROMMELEN



POLICE LËTZEBUERG

AMBER ALERT.eu

Haut ass e wonnerschéinen Dag op der Huesewiss.
D’Sonn schéngt iwwer Bierg an Dall.
Den Hues a säi Frënd de Kéiseker rolzen duerch d’Gras.
Se spille Fänkches a kickelen : d’Gras kriwwelt se um Bauch.



Op eemol bleift den Hues stoen a keimt.
Ëmmer spillt hien op där selwechter grénger Wiss,
an ëmmer ass et dat selwecht kriwwelegt Gras.

„Wat ass lass, Hues?“, freet de Kéiseker besuergt.
„Eemol géif ech gär enzwousch anescht spillen“, seet den Hues.
„Enzwousch, wou ech nach ni war.“
De Kéiseker iwwerleet een Ablack, da grinst hien a rifft:
„Ech hunn eng immens Iddi! Komm mir ginn an de Bësch!“



Den Hues zéckt an denkt no.
D’Mamma an de Pappa soten, hien dierf net an de Bësch goen.
Wa se net bei him sinn, dierf hie just bis bei déi grouss al Eech goen.

Ma wat ass dat? Den Hues héiert e bossegt Geräisch.
„Rrr-rrr-rrr.”
„Wou soll dat Geräisch hierkommen?“
Hie kuckt ronderëm sech.
„Rrr-rrr-rrr.”
Den Hues kraazt sech um Ouer. Komesch!



„Kéiseker, héiers du dat och?“, rifft den Hues.
De Kéiseker spëtzt seng Oueren a lauschtert.
„Wat dann? Ech héieren näischt!“
Den Hues rëselt de Kapp. Villäicht huet hien sech et just agebilt.




Déi zwee gi bis duer, wou de Bësch ufänkt.
„Dajee, kënns de mat?“, rifft de Kéiseker.
„Ech weess net“, tuddelt den Hues.
„D’Mamma an de Pappa hu gesot, ech dierft net ouni se an de Bësch.“





„Sief dach net esou fäertereg“, seet de Kéiseker.
„Kuck, ech hu pickeg Stachelen. Eis kann näischt geschéien.“
Den Hues ass virwëlzeg.
Hien huet well sou vill Geschichten iwwert de Bësch héieren.



An eleng ass hie jo och net.
Wat soll scho geschéien?
Se wiere jo zu zwee.
“Rrr-rrr-rrr”
„Wat ass dat fir e Geräisch?“, freet den Hues sech, wärend hien dem Kéiseker séier an de Bësch nohoppelt.

Den Hues an de Kéiseker trauen sech ëmmer méi déif an de Bësch eran.
Se komme laanscht eng Baach, trëppelen iwwert Bëschweeër,
gesi gréng Beem a rout Blummen, a séier ass vergiess, wou se grad sinn.



Op eemol héiere se et am Gehecks niewendru raschelen.
Erféiert bleiwe se stoen a froen sech, wat do wuel an der Heck lauert.
„Villäicht kënnt dat komescht Geräisch hei aus dem Gehecks?“, denkt den Hues.

Ee buuschtege roude Schwanz luusst aus der Heck eraus.
„Hallo, wien ass do?“ freet de Kéiseker.
„Ech sinn en Hues“, äntwert d’Déier.



Hannert der Heck gesäit een zwee spatz rout Oueren.
„Dat sinn dach guer keng Huesenoueren!“, rifft den Hues.
„Ma dach!“, seet d’Déier.
„Kommt bis bei mech, da kënnt dir iech se genau ukucken!“



Den Hues spiert, datt eppes net richteg ass. Dee buuschtege roude Schwanz an déi spatz Oueren – dat do muss de Fuuss sinn!

“Rrr-rrr-rrr.”
D’Geräisch gëtt ëmmer méi haart.

RRR RRR RRR

„Séier fort mat eis, Kéiseker, soss lande mir am Huesenziwwi!“
Déi zwee hunn Häerzklappen a se lafe fort, esou séier se kënnen.



Endlech kommen se op eng Plaz, wou manner Beem sinn.
„Wou si mir?“, freet den Hues ängschtlech.
„Ech si mer net sécher“, seet de Kéiseker, a kraazt sech de Kapp.
„Eent steet fest: mir si wäit ewech vun der Huesewiss.“



“Rrr-rrr-rrr.”

RRR RRR RRR

Den Hues erféiert sech. „Hues du dat héieren?“
Ma de Kéiseker héiert nach ëmmer näischt.




„Kuck!“ rifft de Kéiseker. „Déi grouss al Eech!”
D’Eech ass méi héich wéi all déi aner Beem am Bësch.
„Wa mir bis bei d’Eech ginn, fanne mir bestëmmt
och de Wee rëm zréck op d’Huesewiss!“



Den Hues an de Kéiseker ginn a ginn.
„Ech mengen, mir kommen ni doheem un“, jéimert den Hues.
Op eemol ziddert de Buedem am Bësch.
Schwéier Schrëtt komme méi no.





„Bieren!“, ruffen den Hues an de Kéiseker
a verstoppe sech séier hannert enger Heck.
Eng Bierefamill trëppelt laanscht d’Heck.
E klenge Bier sëtzt um Réck vu sénger Mamm.
„Kuck emol, do ass e klenge Bier“, pësperen déi zwee Frënn.
„Villäicht muss ee guer keng Angscht viru Bieren hunn?“

„Solle mir se ëm Hëllef froen?
Anescht komme mir jo ni méi heem“, kräischt de Kéiseker.

„Rrr-rrr-rrr!“

Esou haart war d’Geräisch nach ni.
„Da lass“, seet den Hues, „esou maache mer et.“



„H…h..hallo“, seet den Hues ganz schei zu der Bierefamill.
„Mir hunn eis verlaf. Kënnt dir eis villäicht soen,
wéi mir bei d’Huesewiss kommen?



„Natierlech“, seet ee vun de Bieren.
„Gesitt dir déi schéi rout Blummen dohannen?“
„Gitt ëmmer weider um Blummewee bis dir bei de grousse Weier kommt. Beim grousse Weier béit dir da lénks of. No engem kuerze Wee gesitt dir dann och schonn déi al Eech. A wann dir d’Eech gesitt, da sidd dir scho bal do.“



D'Frënn soen der Bierefamill Merci a gi virun.
Se ginn iwwer de Wee mat de wonnerschéine roude Blummen,
eng méi schéi wéi déi aner.





„Kuck!“, rifft de Kéiseker. „De grousse Weier!“
Genee wéi d’Bieren et gesot hunn.
D’Frënn lafe lass a Richtung Weier.
Aus der Distanz gesi se d’Blieder vun der grousser aler Eech.
„Gläich si mir doheem!“, freeën sech den Hues an de Kéiseker.



Kuerz drop sti se virun der grousser aler Eech.
Héich uewen um Aascht sëtzt d'Eil.
D'Eil ass schon immens al, op d'mannst 100 Joer.
„Moien Eil!", ruffen den Hues an de Kéiseker frou.
D'Eil freet, wat se dann am Bësch gemaach hunn.
Den Hues erzielt vun hirer Aventure a vun deem komesche Geräisch.




„Weess du, wat dat fir e Geräisch ass?“, freet den Hues d’Eil.

„Oh jo“, seet d’Eil.

„Lauschter ganz genee, dann héiers de et.“

Den Hues lauschtert ganz genee.






Dunn héiert hien e Grommelen a sengem Bauch.

“Rrr-rrr-rrr.”

„Dat sinn ech jo selwer!“, seet hien erstaunt.

E péckt säi Bauch un.

„Dat stëmmt", seet d'Eil.
„Dat ass däi Bauchgefill. Dat ass eng Zort bannenzeg Stëmm.
Däi Bauchgefill seet dir, ob sech eppes richteg oder falsch ufillt.
Wann s de léiers dorop ze vertrauen, da kann däi Bauchgefill
dobäi hëllefen, eng Entscheedung ze treffen.



Den Hues versteet. En denkt un all déi Aventuren am Bësch.
Och haut huet säi Bauchgefill probéiert, him ze hëllefen.
„Vun elo u passen ech ëmmer op dat Grommelen a mengem
Bauch op“, denkt den Hues.



Den Hues an de Kéiseker sëtzen op engem gréngen Hiwwel
bei der grousser aler Eech.
Et ass ganz roueg a se kucken, wéi d’Sonn hannert
der Huesewiss ënnergeet.

Op eemol grommelt dem Kéiseker säi Bauch ganz haart.
„Ass dat elo mäi Bauchgefill?“, freet de Kéiseker.
Den Hues laacht. „Nee, well ech héieren et jo och.
Ech mengen du bass einfach nëmmen hongereg.
Du hues de ganzen Dag nach näischt giess!“



An esou geet d'Aventure vum Hues a vum Kéiseker mat engem Mo dee grommelt an dem Wëssen, dass se sech bei der nächster Avenure op hiert Bauchgefill kënne verlossen, op en Enn.



# Un d'Virlieser an d'Virlieserinnen

D'Geschicht *Den Hues héiert et grommelen* soll Kanner weisen, wéi se sech virun Entféierer schütze kënnen.

All Joer kënnt et an Europa zu 300.000 Fäll vu vermësste Kanner. Fir dës grav Zuel ze reduzéieren, ass et wichteg, Kanner scho fréizäiteg bäizebréngen, wéi se sech schütze kënnen.

*Den Hues héiert et grommelen* vermëttelt de Kanner op eng spilleresch a positiv Weis wichteg Fauschtreegelen. Dës Fauschtreegele baséieren op fënnef Strategien, déi Experten um Gebitt vu vermësste Kanner recommandéieren:

- Vertraut ëmmer ärem eegenen Instinkt. Wann eppes sech net richteg ufillt, da maacht et net.
- Gitt ni enzwousch eleng hin. Zesummen ass ee méi sécher.
- Gitt ni mat engem mat, deen dir net kennt oder deen dir net erwaart hutt.
- Frot aner Elteren ëm Hëllef, wann dir iech verlaf hutt.
- Übt, iech Orientéierungspunkten ze verhalen. Da fannt dir méi einfach de Wee zeréck.


*Den Hues héiert et grommelen* ass net nëmmen e spannend a wonnerschéin illustréiert Billerbuch,
mä och eng wäertvoll Erzéiungshëllef.



# D'AMBER Alert Europe Foundation

AMBER Alert Europe, den europäeschen Zentrum fir vermësste Kanner, ass eng Fondatioun, déi sech fir e bessere Schutz vu vermësste Kanner engagéiert, respektiv dofir suerge wëll, dass Kanner guer net eréischt vermësst ginn, andeems dës gestäerkt ginn an hisiichtlech der Thematik an de Mechanisme sensibiliséiert ginn. D'Netzwierk bréngt 44 Regierungsorganisatiounen - besonnesch Inneministèren a Policen – an Netregierungsorganisatiounen aus 28 Länner zesummen. Eis gemeinsam Missioun ass et dorun ze schaffen, dass an Europa keng Kanner méi vermësst ginn.

www.amberalert.eu



# DEN HUES HÉIERT ET GROMMELEN

An der Geschicht *Den Hues héiert et grommelen* erliewen den Hues a säi Frënd de Kéiseker eng Aventure am Bësch op der Sich no engem komesche Geräisch, dat nëmmen den Hues héiere kann. Op hirem Wee léiere si nei Frënn kennen an erliewe spannend Momenter. Wäerten den Hues an de Kéiseker d'Geheimnis ronderëm dat komescht Geräisch kënnen opdecken?



POLICE LËTZEBUERG

AMBER ALERT .eu